

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2020


Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bauseminister weiderzeleeden.

De CETA Accord werft ëmmer nees nei Froen op. An dem Zesammenhank wéilt ech der Regierung dës spezifesch Froe stellen:

1. Gëtt et am CETA eng Rechtsgrondlag fir eng Entreprise fir, am Kader vun engem Sträit tëschent engem Staat an där Entreprise, kënne Kompensatioune fir net realiséiert zukünfteg Beneficen anzefuerderen?
2. Ass et korrekt, datt all Beräicher, déi net explizitt am CETA als geschützt opgezielt sinn, als liberaliséiert unzegesi sinn? Wa jo, wéi ginn nei Wirtschaftssecteure consideréiert, déi sech kënnen entwéckelen? Ginn déi a priori ëmmer als net staatlech oder net protegéiert ugesinn? Wéi kann eng eventuell noutwenneg staatlech Interventioun an engem a priori am CETA als liberaliséiert consideréierte Wirtschaftsberäich rechtlech motivéiert an, CETA-konform, duerchgezu ginn?
3. Bei der Protektioun vun der intellektueller Proprietéit gëtt et eng Rei Rechtsinstrumenter, déi wéi den „TRIPS“ (Trade related aspects of international Property Rights) kënnen eng meescht-favoriséiert-Natioun-Klausel hunn. Wéi eng Implicatiounen huet de CETA op d'Rechter vun de Staaten déi Partei beim TRIPS sinn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten